SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

# APPLAUS-Theater Challenge

## Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch

## 26. September 2025

D'Lëtzebuerger Sprooch nei entdecken an erliewen
iwwer Lëtzebuerger Witzer a Witzer op lëtzebuergesch

| | |
|---|---|
| **Thema** | Witzer op lëtzebuergesch am Kader vum Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch |
| **Aufgab** | Dramatiséierung vun engem (oder puer) Witz(er) a Lëtzebuerger Sprooch |
| **Ziler** | • D'Klass spillt enger anerer Klass seng fäerdeg Zeen vir.<br>• D'Klass kann och bei der Video-Challenge matmaachen. |
| **APPLAUS-Challenge** | D'Klass filmt seng Theaterzeen(en) a schéckt se bei APPLAUS eran. |
| **Datum** | D'Klass huet ee Mount Zäit fir säi fäerdege Video eranzeschécke bis den **31. Oktober 2025** |
| **De Video** | De Video ka ganz einfach mat engem Handy oder soss mat engem Gerät opgeholl ginn.<br>• De Video kann déi ganz Theaterzeen weise vum Ufank bis zum Schluss (wéi een Theaterstéck).<br>• De Film kann a puer Kéiere gefilmt sinn an duerch ee Videomontage (zB. IMovie) finaliséiert ginn. |
| **6 Bewäertungspunkten** | **1.** Qualitéit an Auswiel vum Text (Witz)<br>**2.** allgemeng dramatesch Ëmsetzung (Erzielung vum Text an Opstellung am Raum)<br>**3.** sproochlech Qualitéit (Aussprooch, Expressivitéit, Diktioun)<br>**4.** schauspilleresch Qualitéit (Emotiounen, Energie, Zesummespill)<br>**5.** technesch Qualitéit vum Video (Bild, Toun, visuell Kohärenz)<br>**6.** artistesch Originalitéit vum Video (Montage, Rhythmus, visuell Identitéit) |
| **Material/ méiglech Quellen** | • Drama Fiche: Drama-Witz (www.makedra.lu)<br>• *170 Witzer op Lëtzebuergesch* (Jérôme Lulling) - Librairie<br>• *Gegrimmels a Schnoken* (Lex Roth) – Librairie + Bibliothéik<br>• Auteur: Hary Turpel (gennant Monni Hary) – Bibliothéik<br>• Auteur : Pir Kremer – Bibliothéik |
| **Schécken un/Deele mat:** | One Drive Dossier (un Yann Ketter) |
| **op APPLAUS.lu** | Déi flottste Videoe ginn op eisem Site APPLAUS.lu affichéiert a fir aner Klassen aus dem Land zougänglech gemaach. |

# Vill Spaass!